



# Buschtaawesichen

Buschtaawe Kärtercher oder Buschtaawe vun engem Scrabblespill ginn dobausse verstoppt. (Spillfläche kloer limitéieren)
Lo fueren d’ Kanner d’ Buschtaawe sichen a versichen domat méiglechst vill Wieder ze schreiwen.

Bei dësem Spill schléit een zwou Mécke mat engem Schlag: mir léiere Vëlo fueren a kënnen och nach Sproochen üben.

Alternative:
Buchstaawe vun engem Wuert (z.B: Champion) dohiirter ophänken. D’Kanner Kréien d’Zuel vun de Buschtaawe gesot a fuere ronderëm sichen, loossen d’Buschtaawen awer hänken. Soubal sie mengen d’Wuert ze wëssen fuere sie bei deen deen d’Wuert verstoppt huet a soen him lues d’Wuert. Wien d’Wuert fënnt därf daat nächst verstoppen.







# <u>Fuer der Rei no!</u>

E puer Hittercher, Keelen, Plastik Fläschen opstellen, Nummeren drop, a lass kann et goen.
D 'Kanner sollen  esou séier wéi méiglech d' Hittercher der Rei (den Nummeren no) no ëmfueren.
Dobäi Zéit stoppen an d' Kand soll versichen ëmmer méi séier ze ginn.

Dëst Spill ass e gudden Training fir d' Fueren am Verkéier wëll d’ Kand léiert sech am Raum ze orientéieren, iwwert dem Fueren am Viraus ze kucke wuer et hi fiert, Kéieren ze fueren....





## Spur fueren

Fir dat een herno propper riicht aus fuere kann an op schmuele Plazen nët direkt un d' Wackele kënnt, ass et wichteg dëst ze üben.

Et kann een sech einfach eng Streck mat Kräid op de Buedem molen (mol méi schmuel, mol méi breet), existent Strécher notzen, zwee Brieder oder Seeler op de Buedem leeën an dertëscht duerchfueren, Plaquen déi um Buedem sinn notzen,... hei sinn der Fantasie keng Grenze gesat.






# Kartoffelernte

Am Gaart oder an enger Wiss, engem Schoulhaff ginn e ganzen Eemer Bäll (Gromperen) verdeelt déi d' Kanner sou séier wéi méiglech asammele sollen (et kann ee gären och richteg Gromperen huelen, bei méi klenge Kanner  si Softbäll oder Boune Säckelcher gud, wëll se déi besser gegraff kréien).

Kann eleng op Zéit oder am Grupp gespillt ginn, Kanner fannen do hir eege Regele ganz séier...

Bei dësem Spill gëtt virun allem Ufuere, Bremsen, mat enger Hand fueren geübt.

## “De Pitti seet”

Dëst Spill kann een zu zwee oder méi spillen. De Spillleeder (Pitti) gëtt Befehler, déi d’ Kanner um Vëlo musse man (Aarm ausstrecken, e Gank erop/erof schalten, schellen, am Stoe fueren, stoppen, sech op den Helm klappen....).
D’Vëlofuerer däerfen et awer nëmme man, wann de Spillleeder virdru seet “De Pitti seet streck de rietsen Aarm aus!”.
Bei dësem Spill kann een all déi Saachen üben, déi een herno beim Vëlofueren op der Strooss an am Bësch brauch.
D’ Kanner solle sech selwer hir Regelen man, wéini gewiesselt gëtt asw.




